

**Présidence: M. Lucien Weiler, Président**  
**M. Laurent Mosar, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communications
2. Octroi du titre honorifique à un ancien fonctionnaire du Greffe
3. Ordre du jour
4. Débat d'orientation en vue du Conseil européen des 21 et 22 juin 2007 sur le mandat d'une Conférence intergouvernementale relative au Traité constitutionnel

(Débat - Motion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué.

(Début de la séance publique à 9.31 heures)

»» **M. le Président**.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

»» **M. Jean Asselborn**, Vice-Premier Ministre.- Neen, Här President.

»» **M. le Président**.- Merci, Här Vize-premier.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst alle guerten, dass de Statsminister virun e puer Deeg eng chirurgesch Interventioune gemaach kruet. Mengen Informatiounen no ass déi gutt verlaf an et geet him gutt. Ech wëll him vun hei aus an am Numm vun der ganzer Chamber eis beschte Genesungs-wünsch iwwermëttelen.

»» **Une voix**.- Très bien!

## 1. Communications

»» **M. le Président**.- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe:

1. **5728** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 1<sup>er</sup> août 2001 relatif à certaines méthodes d'analyse quantitative de mélanges binaires de fibres textiles

Dépôt: Monsieur Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 24.05.2007

2. **5729** - Projet de règlement grand-ducal concernant les installations à gaz

Dépôt: Monsieur Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 25.05.2007

3. **5730** - Projet de loi portant modernisation de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 08.06.2007

3) En date du 7 juin 2007, le syndicat LCGB a remis la pétition N°282 revendiquant des lignes d'autobus pour mieux desservir les régions frontalières françaises et améliorer les connexions vers le Luxembourg.

4) En date du 25 au 28 mai 2007, s'est tenue à Funchal, Madère, la Session de printemps de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN. La Chambre des Députés y était représentée par M. Marc Spautz, Président de la délégation luxembourgeoise, M. Marc Angel, Vice-Président ainsi que Mme Lydia Mutsch, M. Fred Sunnen, Mme Colette Flesch et M. Claude Adam, Membres.

A l'ordre du jour figuraient notamment des discours de M. José Lello, Président de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN, M. Jaap de Hoop Scheffer, Secrétaire général de l'OTAN, M. Luis Amado, Ministre des Affaires étrangères de la République portugaise, M. Nikola Gruevski, Premier Ministre de l'Ancienne République yougoslave de Macédoine, Madame Nino Bourjanadzé, Présidente du Parlement de Géorgie.

Les cinq commissions de l'Assemblée ont examiné divers rapports et entendu des exposés de plusieurs spécialistes.

Un débat a eu lieu sur l'Afghanistan mais également sur la défense antimissile, le futur statut du Kosovo, l'éventuel élargissement de l'OTAN et les relations avec la Fédération de Russie.

La prochaine Session annuelle se tiendra à Reykjavik du 5 au 9 octobre 2007.

5) Par lettre du 4 juin 2007, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 23 au 26 avril 2007:

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et le Gouvernement de la Malaisie concernant certains aspects des services aériens;

- position sur la proposition de décision du Conseil portant conclusion de l'accord multilatéral entre la République d'Albanie, la Bosnie-et-Herzégovine, la République de Bulgarie, la République de Croatie, la Communauté européenne, la République d'Islande, l'Ancienne République yougoslave de Macédoine, le Royaume de Norvège, la Serbie-et-Monténégro, la Roumanie et la Mission d'administration intérimaire des Nations unies au Kosovo sur la création d'un Espace Aérien Européen Commun (EAEC);

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion, au nom de la Communauté européenne, de l'accord-cadre pour un programme multilatéral environnemental dans le domaine nucléaire en Fédération de Russie et du protocole à l'accord-cadre pour un programme multilatéral environnemental dans le domaine nucléaire en Fédération de Russie concernant les actions en justice, les procédures judiciaires et l'indemnisation;

- résolution sur le Livre vert intitulé «Actions en dommages et intérêts pour infractions aux règles communautaires sur les ententes et les abus de position dominante»;

- résolution sur les relations transatlantiques;

- résolution sur le rapport de suivi 2006 concernant la Croatie;

- résolution sur la situation des femmes handicapées dans l'Union européenne;

- résolution sur les négociations relatives au contrat de concession de Galileo;

- résolution sur le rapport annuel sur les droits de l'Homme dans le monde 2006 et la politique de l'UE à cet égard;

- résolution sur les finances publiques dans l'UEM 2006;

- résolution concernant le journaliste de la BBC Alan Johnston;

- résolution sur le Zimbabwe.

## 2. Octroi du titre honorifique à un ancien fonctionnaire du Greffe

Opgrond vun enger Décisioun vum Büro an nom Artikel 30 vum Beamtestatut vun der Chamber gëtt dem Här Gaston Burger,

Premier huissier dirigeant, deen den 1. Juni dëses Joers de Greffe pensionshalber verlooss huet, den Éierentitel vu senger Fonctioun zouerkant.

## 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour vun déser Woch. D'Presidentekonferenz schléit Folgendes vir:

Haut de Moie féiert d'Chamber eng Orientierungsdebatt iwwert den Traité constitutionnel.

Fir haut de Mëtten um hallwer dräi ass Folgendes ze soen: Ech géif d'Fraktionschefs bieden opzepassen, fir dass mer déi richteg Décisiounen kënnen huelen. Mir hate fir d'éischt d'Questioun vum Här Roger Negri iwwert d'Structure sport-études am INS. Dës Fro gouf an der Zwëschenzäit schrëftlech vun der Regierung beäntwert, esou dass ech denken, dass déi Fro domadder erledegt ass.

Gesinn d'Fraktiounen dat och esou?

(*Interruption*)

Här Adam?

»» **M. Claude Adam** (DÉI GRÉNG).- Här President, dat war jo net just d'Fro vum Här Negri. Mir haten och...

»» **M. le Président**.- Jo, Här Adam. Ech hunn elo just vun der Fro vum Här Negri geschwät. Vu soss näischt.

»» **M. Claude Adam** (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President.

»» **M. le Président**.- Dann hu mer d'Question avec débat vum Här Claude Adam iwwert d'Aféierung vu Sportsklassen am Institut national des Sports. Dëi Fro ass dirigéiert un d'Madame Minister zoustänNEG fir d'Education nationale. Den Här Sportsminister deelt allerdéngs mat, dass hien zoustänNEG wär fir déi Fro an op déi Fro misst äntworten; déi Fro, déi zum Deel beäntwert ass duerch déi schrëftlech Äntwert, déi den Här Negri op seng Fro krut.

Den Här Sportsminister kann awer haut de Mëtten net hei sinn. Also ass et elo un der Chamber ze décidéiere respectiv muss d'Regierung sech eens maachen, wien dann elo en fin de compte op déi Fro äntwort. Vu dass den Här Sportsminister net do ass, stellen ech fir d'éischt d'Fro un den Här Adam,...

(*Interruption*)

...ob den Här Adam drop hält, dass déi Fro haut um Ordre du jour ass, oder ob mer se eng aner Kéier kënnen huelen, wann den Här Krecké kann hei sinn. Wann den Här Adam drop hält, da géife mer d'Madame Minister zoustänNEG fir d'Erzéitung bidden heihinner ze kommen, fir op d'Fro ze äntworten. Här Adam?

»» **M. Claude Adam** (DÉI GRÉNG).- Jo, Här President. Ech halen net drop, datt mer de Mëttag op déi Fro äntworten. Dëi Fro ass allerdéngs vun eis un d'Madame Minister vun der Education nationale gestallt ginn. Mir hunn och gemengt, an der Regierungserklärung wieren déi Sportsklassen énnert dem Ministère de l'Éducation nationale. Mir hunn d'Äntwert op dem Här Negri seng Fro virleien. Déi Äntwert gëtt eis natierlech dann och eng ganz Rei Opschlëss.

Mir haten dat Ganzt awer als Question avec débat gestallt, well do hätt een d'Méiglechkeet gehat nach nozefroen. Duerfir géif ech da proposéieren, datt mer déi Äntwert dann eng Kéier an der Chamberskommission vun der Education nationale op den Ordre du jour huelen, an datt een do nodréiglech nach kéint déi Fro stellen.

Mir mengen awer, datt et eng Fro ass, déi vun enger relativ grousser Bedeutung ass. A mir sinn am Fong geholl e bëssen erstaunt, datt mer dat elo éreischt als Äntwert op déi Question parlementaire gewuer gi sinn. Mä mir bestinn dann net drop, fir de Mëttag déi Fro ze stellen.

»» **M. le Président**.- Ech soen dem Här Adam Merci fir seng zoustänNEG Haltung an déser Fro. Ech ginn de Message un d'Regierung weider, dass se sech da soll eens maachen, wien en fin de compte dann elo zoustänNEG ass, fir op déi Fro ze äntworten. Dat gëtt dann an dár zoustännger Kommissioun gekläert.

Här Fayot?

»» **M. Ben Fayot** (LSAP).- Kann ech awer just rappeléieren, dass déi Äntwert vun der Madame Delvaux eng Äntwert ass, déi ofgeschwät ginn ass mam Här Krecké. Dat heesch, dat ass also eng gemeinsam Äntwert vun deenen zwee...

»» **M. le Président**.- Gemeinsam Äntwert vun deenen zwee Ministeren.

»» **M. Ben Fayot** (LSAP).- ...op déi Fro vum Här Negri, déi mer awer zimlech déiselwecht ze si schéngt wéi déi vum Här Adam. Dat wollt ech just hei umierken.

»» **M. le Président**.- Jo. Gutt. Domadder wier dann dee Punkt gekläert. Dee Punkt ass och da vum Ordre du jour gestrich. Deemo stinn op eisem Ordre du jour folgend Punkten:

De Projet de loi 5665, een Ofkommen téschent Lëtzebuerg an dem Saarland iwwert d'Schafung vun engem däitsch-lëtzebuergesche Lycée, an als zweete Punkt de Projet iwwert d'Schafung vun engem Lycée zu Dummeldeng.

Muer de Mëttag um hallwer dräi hu mer d'Projets de loi 5643 a 5644, en Ofkommen iwwert d'Conférence européenne de biologie moléculaire an iwwert de Laboratoire européen de biologie moléculaire. Béid Projekte ginn an enger Diskussioun behandelt. Dann hu mer als zweete Punkt de Projet de loi iwwert de Bau vun engem Dépôt fir d'Ponts et Chaussées zu Réimech; als drëtte Punkt de Bau vun engem technesche Lycée fir Gesondheetsberuffer; an als véierte Punkt de Protokoll zum Ofkommen iwwert d'Commission internationale pour le service international des recherches. A schlussendlech diskutéiere mer och nach d'Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber mat désem modifizéierten Ordre du jour averstanen?

(*Assentiment*)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun, déi haut de Moien op eisem Ordre du jour steet: d'Orientierungsdebatt iwwert d'Zukunft vun der Europäischer Verfassung. D'Riedezaït ass nom Modell 1 festgeluecht. Der Regierung stinn 30 Minuten zou. Als éischten ageschriwwene Riedner huet den honorablen Här Ben Fayot als Vertrieder vun der LSAP-Fraktioun d'Wuert. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

## 4. Débat d'orientation en vue du Conseil européen des 21 et 22 juin 2007 sur le mandat d'une Conférence intergouvernementale relative au Traité constitutionnel

»» **M. Ben Fayot** (LSAP).- Här President, den 21. an den 22. Juni soll den Europäische Rat vun de Stats- a Regierungschenfen e Mandat fir eng Regierungs-konferenz ausschaffen. Dëi Regierungs-konferenz soll bis Enn 2007 ofgeschloss ginn. Am Laf vun 2008 soll deen neie Vertrag ratifizéiert ginn. E soll fir d'Europa-wahle vun 2009 a Kraaft trieden.

Wat dee Mandat soll sinn, deen dës Regierungs-konferenz soll ausschaffen, ass fir den Abléck net Kloer. De Rotspresident, den däitschen Ausseminister Steinmeier, huet géschter Moien zu Bréissel gesot - ech zitéierer hien -: „Der Erlösungskorridor ist enger geworden.“ Dat heesch, dass d'Point-de-vue sech rapprochéieren. Deeselwechten Abléck konnt een awer an den Zeitunge liesen, dass d'Polen géifen definitiv hire Veto ausschwätzen, wa se iwwert d'Ofstémmen am Conseil keng Satisfaktioun kréichen.

Wéi émmer geet d'Temperatur virun engem wichtegen Europäische Rat erop. Mä sécher si mer haut un engem historesche Moment vun der Europäischer Unioun ugelaangt. No zwee Joer Reflexiounphas ass et d'Zil vun der däitscher Présidence, d'Situatioun endgültig ze deblockéieren, déi nom Neen a Frankräich an an Holland entstanen ass.

Et kann een dobäi wuel vu Quadratur des Kreises schwätzen, well och déi 18 Länner,